# Weltmeeschterschaft vun den Masters 2026 zu Fortaleny Spanien

21.08.2026

WM Masters Fortaleny Spunien.
Schéinen gudden Owend vun der Masters WM aus Spunien. Nodeems mer eis gëschter nach relativ gutt geschloen hunn mat enger 8, Platz vun den Equippen, si mer haut leider em 3 Platzen zeréck gefall ob déi 11ten. Konklusioun well ech elo net hei zeien.

Kann ëmmer nëmmen iwwer mech selwer schwätzen. Mee ech wäert een ausschliessegen Bericht déi nächste Woch era ginn, an awer dann e bëssen iwwer de Manktem un eiser Fëscherei schwätzen. Esou vill, Equipe ass relativ enttäuscht well dat esou net verdéngt ass.

Wei ass et zu deem schlechten Resultat haut komm. Gëschter hu mer jo missen e schwéiert Wieder iwwer eis ergoen loossen. Resultat, mir kommen de Moien bei d'Waasser an, jo, dat war ganz changéiert. Et war ugelaf, e bëssen méi héich an et ass gerannt wei eng Sau. Ech selwer souz nees am selwechten Secteur just en bëssen méi erof um C12. Wéi all déi aner Fëscher, bei mir hunn och ech mol 2 Monturen beim Waasser gemaach, 15 an 20 Gramm Fändel. Beim éischten Asetzen nom moossen ass den 20 Gramm awer just leien bliwwen. Also alles wat déi ganz Woch geféscht ginn ass konnt een haut vergiessen. Ech hunn och nach schnell Blénkerten Staangen déi ech preparéiert hat och nach ofgeriicht. Ee schnellen Fazit. Maachen eng 8 am Secteur mat 8600 gr. fir 920 Blénkerten. War domat zefridden mee ellen enttäuscht an weess vun haut un dass déi international Bün ëmmer mei weit vun eis ewech réckelt. Als Beispill, den Sloween gewënnt mäi Secteur mat 14 kg, anscheinend hat deen der em déi 1400 gefaang, also ronn 500 mei. An der Stonn gerechent also 350 Stéck. Ech weess net wei se dat maachen, mee dat si Fëscher déi dat net eréischt wéi ech fir d'éischt nees säit 10 Joer fëschen, mee Chance hunn, dass se an hiren Länner nach Fëschräich Gewässer hunn déi hinnen all Méiglechkeeten gëtt fir kennen alles ze fëschen, dat wat mir mol virun 30-40 Joer haten. Fir wat dat esou ass. Dat wëssen mir Fëscher all ze gutt. Nujee. Den Marc mécht eng gutt 4ten Platz an sengem Secteur. Den Gasty an de Mich waren haut leider net esou verwinnt. Mee, mir loossen Käpp net hänken an hu muer nach en Dag wou jiddereen Eenzelnen vun eis nach eng Kéier alles wäert ginn. De John fëscht da muer nees fir de Mich deen an Reserve réckelt.

Esouvill aus Spunien. Muer schreiwen ech keen Rapport well mer och nees esou lous alles packe mussen. Den Sonndeg geet et dann heem an da war et dat fir dëst Joer.

Schéi Gréiss vun der ganzer Equipe.

Bg Fernand Schmitt